Et huet sech awer erausgestallt dass de Staat 2011 näisch (!) iwwerwisen huet.

Mär sollten also Recht behale mat eiser Befierchtung dass de Schäfferot do ze vill optimistesch wuar!

Mär froen eis dofier och ob de Schäfferot dann elo méi Garantië vum Stat kritt huet, well d'nächst Joer rechent e mam 8-fache Betrag vun deem wat mär bis Enn 2011 erakritt hunn.

An der Tabell iwwer de Pacte logement gesi mär néieren wou déi 7 Mol 14 464,29 € ofgaange sinn, déi awer am Budget rectifié 2011 agesat sinn.

An hirer Ried huet eis 1. Schäffin èmmer vun engem Emprunt vu 5,5 Millioune geschwuat. An der Tabell "Situation des emprunts" an an den ausseruerdentlechen Einname stinn 2012 awer 7,5 Milliounen!

Da kann eis Schold ouni Emprunt och net bei 12 986 539 € lieien, esou wéi si gesot huet.

An och de minimale Boni définitif vum Joer 2012 vu 424 670,37 € ass némmen zustane komm, well 2012 geplant gëtt en Emprunt vu 7,5 Milliounen ze huelen.

De Buergermeeschter huet a senger Ried gesot et wäre 7,5 Millioune am ausseruerdentleche Budget manner ausgi gi wéi virgesinn. A Wierklechkeet sinn et der awer 17,2. Vun de 56,7 € déi geplant wuare stinn der just 39,5 € am Rectifié. Dat mécht also net deen, an ech zitéieren "ganz gudde Prozentsaz" vu 84 % dee réaliséiert ginn ass, mä némme 69,6 %.

Et können engem schonn d'Dronkenellen ausgoe wann ee gesäit wéi lichtfankeg hei mat falschen Zuele jong - lériert gëtt.

Am Budget 2012 fanne mär vill gutt Virsätz erëm, mä si beschränke sech ganz dacks och just op een "devis en élaboration". Mär hunn der am Ganzen net manner wéi 60 Stéck gezielt an dat fir eng horrend Zomm.

Et muss een awer och zouginn dass mär dofir deelweis vum Staat Suen erëmkréien, esou z.B. alles fir de Bau vun der Education différenciée.

Donieft sinn awer och nach eng Kéier 16 Mol "frais d'études" agedroen.

Da kënnt een natierlech séier op héich Zuelen am ausseruerdentleche Budget a kann da soen mär hättent deen 2. héchsten iwverhaapt an eiser Geschicht.



Mä et muss een och d'Gesamtsituatioun kucken. De Buergermeeschter vergläicht eis èmmer esou gäre mat der Gemeng Péiteng.

Iwwregens wuaren déi Zuelen iwwert d'Prokappverschöldung vu Péiteng, déi de Buergermeeschter benotzt hat, net richteg. Niewebäi bemierkt rechent Péiteng seng Prokappverschöldung mam Stand vun der Populatioun vun Enn 2011 an net op eng Prävisioun vun Enn 2012.

Zeréck zur Gesamtsituatioun: Et muss een sech den Iwwerschoss am uerdentleche Budget ukucke fir ze gesi wéi ee Spillraum eng Gemeng huet. Béid Gemengen, Péiteng a Suessem also, hunn eng Schold vun 20 Milliounen. Mär hunn 2012 een Iwwerschoss vu 6 Milliounen am uerdentleche Budget, Péiteng dogéint awer 11,4 Milliounen. A méditer also!

Mär géifen dann elo esoulues zur Conclusioun kommen an dat mat engem Zitat. Mär si mol gespaant ob där erausfannt vu weem dat ass.

"Et gi sécherlech Invester an d'Zukunft getätegt, déi mär zu engem groussen Deel och mat droen, mä mär däerfen net némmen op Subsidien an Emprunte opbauen. "An? Genee! Dat hat d'CSV d'láscht Joer op déser Plaz gesot. A mär fannen dass dës Ausso och nach èmmer op d'Ried zum Budget 2012 zutrëfft.

Mär kréie vill Zousazsubsidie vum Staat fir d'Untersuchungshaft, mär huelen awer nach een Emprunt vu 7,5 Milliounen op fir dann némmen op ee minimale Boni ze kommen.

All dës grouss Spréng hunn op mannst ee Virdeel: bei déser Finanzsituatioun kënnen eis Suessemmer Bierger schonn zimlech sécher sinn dass déi aktuell Majoritéit net méi ka géint d'Untersuchungshaft sinn. Well wéi gedenkt de Schäfferot soss all déi Subsidien zréckzebezuelen déi hie bis elo schonn ausginn huet. Eng Fro ob déi hien d'láscht Joer scho keng Äntwert hat ...

Aus all eisen Ausféierungen kënnt där schléissen dass mär dëse Budget net künne matstëmmen.

Nathalie MORGENTHALER

DÉI LÉNK STELLUNGNAHME ZUM BUDGET 2012

Zu Beginn seiner Rede ging Serge Urbany auf die Gewerbesteuer für grosse, gewinnabwerfende Betriebe in der Gemeinde ein, für deren Erhöhung déi Lénk eintrete. Es sei falsch zu glauben, der Gemeinderat könne nichts ändern an den negativen Entwicklungen bei den Ungleichheiten und Ungerechtigkeiten in der Welt. Gerade in der grünen Bewegung habe es immer den schönen Spruch gegeben: "Global denken, lokal handeln". Man könne wohl auf Gemeindeplan seinen Stein dazu beilegen, die Welt gerechter zu machen, genauso wie man das individuell oder auch kollektiv durch sein Engagement in Bewegungen, Gewerkschaften oder Parteien tun könne.

Das Gemeindegesetz sieht z.B. vor, dass die Gemeinde den Hebesatz der Gewerbesteuer selber bestimmen kann.

Der Gemeinderat erinnerte daran, dass es erstaunlicherweise Bürgermeister Fred Sünnen (CSV) zusammen mit den Grünen war, der vor einiger Zeit die Gewerbesteuer für die Gemeinde Sanem erhöht hatte, worauf die Grünen dann wieder zusammen mit der LSAP bedauerlicherweise den Hebesatz senkten. Heute sei eine Erhebung der Gewerbesteuer auch im Escher Gemeinderat gefordert worden, wobei sich die Bürgermeisterin auf die notwendige Zustimmung der Gemeinde Sanem berufen habe, wegen des gemeinsamen Entwicklungsgebietes Belval.

Serge Urbany wollte die Haltung des Schöffensrates hierzu kennen. Die ungleiche Verteilung der Einkommen nehme zu und es sei längst nötig, dass die Betriebe, die in unserer Gemeinde Gewinne machen, sich auch an den Ausgaben beteiligen!

Eine zweite Bemerkung von Serge Urbany betraf die Frage der Kostendeckung bei den Gemeindedienstleistungen. Der Gemeinderat von déi Lénk kritisierte, dass die Gemeinde sich gerade mit den drei rechtsgeführten Gemeinden Differdingen, Petingen und Bascharage im SIACH-Syndikat darauf geeinigt hat, die Gemeindetaxen bis zur Kostendeckung zu erhöhen, wie aus dem Bericht der Schöffin Myriam Cecchetti (Déi Gréng) hervorgehe. Die grüne Schöffin habe von einzutreibenden Einnahmen geredet, beim Wasser, beim Abfall, im Altersheim (wo die Kostendeckung bereits vollständig erreicht sei), bei den Aufnahmestrukturen für Kinder (wo dies glücklicherweise noch nicht der Fall sei), sowie in der Verwaltung.

In den Wahlprogrammen und im Schöffenratsprogramm sei aber kein Wort zur zukünftigen Finanzpolitik zu finden. Dabei sei dies die Basis der Gemeindepolitik. Frau Cecchetti habe gesagt, wenn man auf diese Einnahmen verzichte, gehe man nach dem "Giesskannenprinzip" vor, man verteile Geld an die Allgemeinheit, Geld das man dann nicht mehr habe, um gezielt den Leuten zu helfen, die es wirklich brauchen.

In diesem Zusammenhang wollte Serge Urbany an zwei Prinzipien des Sozialstaates aus dem 20. Jahrhundert erinnern.

Das erste sei die Umverteilung von oben nach unten, was heisse, dass man das Geld nehme wo es sei. Wenn Betriebe sich hier ansiedeln, die Gewinne machen, dann sollen sie auch beitragen zu den Kosten, die sich für die Bevölkerung aus der ökonomischen Tätigkeit ergeben, wie Kindereinrichtungen z.B. Und das zweite grosse Prinzip sei die Gleichheit durch das kostengünstige Verteilen der Gemeindedienstleistungen. Beide Prinzipien zusammengenommen waren eine grosse Errungenschaft im Vergleich zum 19. Jahrhundert, wo wenig Steuern bezahlt wurden und die Menschen dann von der Heilsarmee, oder von anderen Organisationen, Hilfe in der Not erhielten.

Das Resultat der Umwälzung im 20. Jahrhundert war erstens eine gerechte Beteiligung aller Menschen an der wirtschaftlichen Entwicklung. Und zweitens hat der kostengünstige, gleiche Zugang zu öffentlichen Dienstleistungen die christliche oder anders begründete Nächstenliebe ersetzt: Man brauche jetzt nicht mehr um Unterstützung betteln gehen.

Der déi Lénk-Vertreter fand es relativ dramatisch, dass die LSAP in die Richtung der Kostendeckung geht, und auch die Grünen, die ja anfänglich eine basisdemokratische Bewegung waren, heute sogar Vorreiter einer solchen Kostendeckungspolitik seien. Das sei eine Politik, die déi Lénk ablehne, weil sie ein Zurück ins 19. Jahrhundert (wenig Steuern und Armenhilfe) bedeute. Heute würde die Armut sich vergrössern, auch durch die Erhöhung von Gemeindetaxen und anderen, von der öffentlichen Hand gesteuerten Preisen, die für jeden gleich und damit sozial gerecht seien.

Zum Schluss seiner Rede ging Serge Urbany noch ein auf die Hauptpunkte des Wahlprogramms von déi Lénk, die sich nicht im Schöffenratsprogramm wiederfinden würden, wie 50 Liter Wasser gratis pro Tag und pro Einwohner, die Erhöhung der Gewerbesteuer, die Einführung der Ganztagschule, 10 % soziale Wohnungen

(unter den Versprechungen gewisser privater Promotoren, 5 % solcher Wohnungen zu bauen, könne er sich im Moment konkret nichts vorstellen), oder die Schaffung einer Wirtschafts- und Entwicklungskommission in der Gemeinde.

DÉI GRÉNG STELLUNGNAHME ZUM BUDGET 2012

Léif Kolleginnen a Kollegen,

am Numm vun der grénger Fraktioun wëll ech dem Schäfferot an deenen zoustännege Beamten Merci soen fir d'Presentatioun vun dësem gudde Budget.

De Budget vum Joer 2012 ass dee vun der Kontinuitéit, well d'Projet'en vun de läschtene Joren weidergefouert ginn, respektiv geplangte Projet'en gestart kënne ginn.

Et waar gewousst, datt d'Joren, wou mer eng Rei grouss an eimaleg Infrastrukturen um Programm hätten, eng zolitt Belaaschtung fir d'Gemengekeess géife mat sech bréngen.

Nodeem mer am Joer 2010, 5 Mio € geléint hunn, woaren et der am Joer 2011 4 Mio, a fir d'nächst Joer stinn elo 7,5 Mio € am Budget.

Op där anerer Säit realiséire mer awer wéi gesot mat deene Suen Projet'en, déi och fir déi nächst Generatioun geduet sinn, an déi deenen och wäerten zegutt kommen, sou datt et also och vertriebar ass, datt d'Bezuole vun deene Projet'en iwwer d' Annuitéiten op 20 Joer gestreckt gëtt.

De neien CIPA gëtt dëst Joer fäerdeg, eis sämtlech Schoulgebaier sinn esouwält wéi komplett erneiert, d'zentral Gebai fir d'Service de secours ass opgeriicht, de Sportkomplex um Scheierhaff mat der neier Schwämm ass an 2 Joer fäerdeg. Alles dat si Projet'en, déi mindestens an de nächsten 20 Joer den Awunner wichteg Servicer wäerte leeschten.

Wann déi 7,5 Mio Empreint müssen ganz opgeholl ginn, huet eis Gemeng eng Gesamtschold vun 20,5 Mio €.

Mär müssen dann, vum Joer 2013 un, all Joer ronn 1,5 Mio € un Annuitéiten zréckbezuelen.

Dat mécht vun eisen ordinaire Recetten um Stand vum Joer 2012 ronn 2,8 % aus.

Wéi de Buergermeeschter an déi éischt Schäffin bei der Presentatioun vum Budget scho gesot hunn, ass dat absolut raisonnable.

Eis Gemeng huet domatt och nach d'Méiglechkeet duerno, sou wéi dat virraussichtlech de Fall dierft sinn, fir déi ganz grouss Projet'en färdeg ze maachen, och nach deen een oder aneren Empreint ze maachen, ouni datt d'Situatioun alarmant gëtt.

Et ass awer och evident, datt duerno nees eng Zäit wäert kommen, wou mer et musse färdeg kréien ouni Emprunt auszekommen, wou also nees méi kleng Bréidercher gebak musse ginn.

Dat dierft och kee Problem sinn, well da jo déi ganz grouss Projet'en, mat Ausnahm vun der Schoul um Belval, déi nach ze baue bleift, ofgeschloss sinn.

Erlaabt mer awer och nach ee Punkt ze verdéiwen, deen heiansdo liicht populistesch Stellungnahmen ervirfft, an dat ass dee vun de kostendeckenden Taxen.

Hei e puer principiell Remarken wat d'Taxen ugeet:

1. Eng Gemeng mécht bei der Taxenandreiwing jo weider näisch, wéi de Präis vun enger Rei Servicer, déi se ubidd, un dee weider ze ginn, deen se gebraucht. D'Gemeng hëlt also kengem Suen ewech, si ass déi Instanz, déi de Leit eng Rei Produit'en oder Servicer organiséiert a liwwert, an déi op där anerer Sät dann och dat, wat dat ebe kascht, dann och nees andreift.
2. Sou wéi all Mensch et selbstverständliche fännt, datt een deen 5 Kilo Miel keeft och 5 Kilo Miel bezillt, an een deen 2 Kilo Miel keeft och némmen 2 Kilo bezillt, sou misst et och normal sinn, datt de selwechte Prinzip zielt, wa mer eisen Offall duerno entsuergen, datt een deen méi entsuergt och méi bezillt, resp datt deen, dee méi Waasser keeft och méi Waasser muss bezuelen. Natierlech kann een driwwer diskutéieren, datt een Deel Waasser als Grondversuergung méi bëlleg ass, dofir dat, wat iwver de normalen Besoin erausgeet, da méi deier ass, um Prinzip, datt d'Einnahmen d'Ausgaben awer müssen decken änner dat awer näisch.
3. Wann dee Prinzip net agehal gëtt, wann also einfach op déi Suen, déi d'Gemeng u sech zegutt huet,

verzicht gëtt, an dat ass an der Zäit, a gëtt et och nach haut, ènnert dem Deckmäntelchen vun "Sozialpolitik" vercaf ginn, deen deen also op déi Sue verzicht, dee subventionéiert onnéidecherweis d'Allgemengheet, virun allem also déi vill Leit, déi absolut à même sinn, déi Ausgaben ze droen. Et sinn also virun allem déi besser Situéiert, déi vun déser vermeintlecher Sozialpolitik am meeschte profitéieren.

4. Wann d'Gemeng duerch niddreg Taxen virun allem Bessersituéiert ènnerstëtzzt, feele nämlech genau déi Suen, fir eng wierklech Sozialpolitik ze maachen. Déi Suen déi d'Gemeng also duerch de Kostendeckungsprinzip net verléiert, kann se asetzen fir cibléiert Ennerstëtzung, andeems, datt se déi Leit mat wierkleche Besoin'en ka finanziellem ènnerstëzzen, zum Bei-spill iwver d'subvention hivernale, an op där anerer Sät och kann Projet'en émsetzen, déi de sozial Schwaachen am meeschten zegutt kommen.

E gutt Beispill ass do d'Maison Relais.

Well eis Gemeng d'Sue bei den Taxen net mat der Giisskan un all d'Bierger verdeelt huet, hat se iwver-haapt eréischt de finanzielle Spillraum, als eng vun den éischté Gemengen flächendeckend an ouni Woarde-lësch eng performant Maison Relais unzebidden, vun där, an dat ass evident, am meeschten Leit profitéieren, déi méi sozial schwoach sinn, an déi sech z.B. keng Heembetreibung fir hir Kanner kënne leeschten

Aus deene sozialen Uersaachen, fir eis kommen do natierlech och nach èmweltpolitescher dobäi, an dat ass an dësem Fall sécher kee Widdersproch, bleiwen märs als Gréng der Meenung, datt d'Taxe kostendeckend solle sinn, well dat eis eréischt erlaabt, d'Suen do ze investéieren, wou se am sënnvollsten fir eng solidaresch Gesellschaft wou jidderee seng Plaz fénnt anzeseten.

Wann eis Gemeng och weiderhin dee Prinzip applizéiert, an dobäi dofir suergt, datt d'Ausgaben do wou et méiglech a vertriebar ass, ze kontrolléieren an ze reduzéieren, a prioritar Investitiounen tätegt, déi am Beräich Bildung, Soziales an Emwelt fir eng méi solidaresch a nohalteg Gesellschaft suergt, da wäert dës Gemeng och an de nächste Joren eng interessant Gemeng bleiwen, wou d'Leit gären a gutt liewen eng Gemeng, wou och déi nächste Generatiounen nach genuch finanzielle Spillraum hunn, an dat doduerch, datt mer eng gesond Finanzsituatioun hannerloessen.

Robert RINGS

DP STELLUNGNAHME ZUM BUDGET 2012

Här Buergermeeschter, dir Damen an dir Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot.

Am Virfeld wëll ech der ganzer Équipe hei am Haus an och dem Service Technique Merci soen fir déi vill Aarbecht déi si während dem ganzen Joer geleescht hunn an och speziell deenen, déi bei der Opstellung vum Budget 2012 Hand mat ugeluecht hunn.

D'DP begréisst är Investitiounen an d' Fäerdegestellung vum CIPA op Belval, dee jo am Mee 2012 seng Dieren op mécht. Och stëmme mer dem weideren Ausbau vum Sportkomplex um Scheierhaff, vun der Schoul am Roudewee an dem Ukaf vun Terrainen fir d'Konstruktioun vun enger neier Grondschoul op Belval-Süd zou.

Et ass eiser Meenung no wichteg, dass des Schoul fäerdegt gëtt, ir déi nei Awunner mat hire Kanner sech an eiser Gemeng, an dat haapsächlech op Belval/Nord, nidderloosse. Anerwärts kinnt et emol zu Enkpassen kommen.

Dir eegent lech zousätzlech Immobilien an Terrain'en, énner anerem fir d'Ariichtung vu Sozialwunnungen un, dëst mat Abezéitung vun de Mëttelen, déi lech iwwert de Biais vum "Pacte Logement" gi sinn. Fir Studente Wunnungen ass no enger Millioune vun 2011 am Budget rectifié 2011 esou wéi an deem vun 2012 näischt méi an deem Sënn agedroen.

2012 kommt der an ärem "Plan pluriannuel" an eng nei Phase, déi et erlaabt, 2.848.000 Euro (Kanal Réseau) an dëse Budgetsposten ze investéieren.

Am Ganzen hutt Dir am nächste Joer virgesinn, ronn 44,5 Milliounen am Extraordinäre Budget auszeginn.

Op den éischte Bléck schéngt dat jo och eng gudd Saach ze sinn. Et stellt sech just d'Fro, wéi d'Gemeng d'Folgekäschten vun deen villen Projet'en ze finanzéiere gedenkt.

Et däerf een natierlech och nüt vergiessen, dass de Staat bei all deen Projet'en e ganze Batz Geld zou steiert, vill méi ewéi bei anere Gemengen.

Schlüsselch hu mer eis jo bereet erkläert, op Demande vum Staat hin, eng "Maison d'Arrêt" op eisem Territoire opriichten ze loessen.

En plus ass virgesinn, e Prêt vu 7,5 Milliounen opzehuelen, fir eventuell Enkpäss an den Dépenses ofzedecken. D'Pro Kapp - Verscholdung klemmt dann vun 931 op 1.364 Euro, während de Gesamtemprunt vun 13,90 op 20,46 Mio. Euro erop geet.

Wëll jo awer gewosst ass, dass fir 2013 an 2014 mat massiven Abréch an de "Fonds de dotation de l'Etat" ze rechnen ass, ass et eiser Meenung no ganz geféierlech d'Gemengeschold ze hiewen.

Dofir wier et ubruecht, d'Recetten aus de Joeren 2011 an 2012 vum "Fonds de dotation" an e kommunalen "Fonds de Réserve" unzeleeën, fir och an schwieregen Zäiten nach en Apel fir den Duscht ze hunn.

Wa mer op Basis vu Scholdopnahmen bauen, da kinnt eis emol dat selwecht passéieren ewéi enger Bank déi bei Spekulatiounen ze héich pokert.

Dofir stellen mär als DP eis d'Fro, firwat de Schäfferot sech Budget Artikelen ofseenen léist, wou e vu vireran weess, dat en se wuel nüt wäert émsetzen.

D'Haaptsaach mer stinn Enn 2012 nees mat engem zolitten Iwwerschoss do, deen op Basis vum jëtzege Budget scho virprogramméiert ass.

E pur Beispiller:

Op der Säit 128 vum B.E. (Nr. 2111/001) sinn dëst Joer 3,85 Mio Euro fir den Ukaf vu Terrain'en gestëmmt ginn, et goufen awer némmen 436.000 Euro verbraucht. Fir 2012 sinn nees 3.503.000 Euro fir deen Ausgabe Posten virgesinn.

Op der Säit 130 vum B.E. (Nr. 2133/008) goufen d'lescht Joer 650.000 Euro fir de Lotissement Wenschel gestëmmt. De Rectifié weist awer némmen méi 20.000 Euro aus. Fir 2012 stinn dann erém 630.000 Euro am Budget.

D'DP huet sech zum Ziel gesat, eis Jugend ze énnerstëtzen. Op awer dofir nieft enger onbedingt nouweneger Spillplaz zousätzlech eng "Pumptrack Piste", dat Ganzt fir insgesamt 500.000 Euro, dat sinn émmerhin 20 Milliounen aler Lëtzebuerger Frangen, hei mat intégréiert muss ginn, stelle mär a Fro.

Et gëtt eng kostspilleg Saach, déi zudeem och nach geféierlech ass, vill Kaméidi produzéiert an doriwwer eraus den ugrenzenden Awunner hir Liewensqualitéit aschränke wäert. Bieles Post Säit 131 (Nr. 2163/009).

Säit 136 an den Artikelen 2143/041 an 2143/042 worn 2011 300.000, respektiv 210.000 Euro fir d'Restructuratioun vun der Kanalisatioun an der rue de Differdange zu Zolwer an an der rue des Aulnes zu Suessem agesat ginn.

Am Budget rectifié 2011 tauchen déi zwou Positiounen mat 70.000, resp. 50.000 Euro op an am Budget 2012 nees mat 750.000, resp. 200.000 Euro. Ech huelen jo nüt un, an dör bestëmmt och nüt, dass des zwee grouss Montant'en am kommende Joer dann och wierklech opgebraucht ginn, oder? Esou gesinn ass et natierlech liicht um Enn vum Joer 2012, nees vun engem Boni ze schwëtzen.

Ziel vun der Gemeng Suessem ass et, den Ausbau vun ökologeschen Infrastrukturen ob hirem Gebitt ze fuerderen.

Deel vun dësem Projet ass déi öffentlech Obluestatioun fir elektresch Gefierer virun dem Bieleser Gemengenhaus, déi schonn a Betrib geholl ginn ass.

Am Budget si leedeglech 6.000 Euro fir de Leasing vu kommunalen Elektroautoen virgesinn. Mär als DP sinn och ganz vir dee Projet, an hoffen dass en en Erfolleg gëtt. De Staat ass derbäi Subventiounen fir dës émweltfréndlech Aktiounen auszeschaffen.

Hei nach e puer Beispiller:

Am Budget 2011 stoungen 100.000 Euro (Säit 146-2133/003) fir d'Installatioun vun Solarenergie Elementer. Esou wei et ausgesäit goufen säitens der Gemeng allerdéngs keng installéiert, vu dass dëse Chiffer am Rectifié als 0 optaucht.

Am Budget 2012, kuck hei, si och null Euro fir dësen émweltfréndleche Projet virgesinn.

Solarenergie Anlagen gi wuel hei an der Gemeng installéiert, wei z.B. um Boulodrome, um Interventiounscenter asw., dëst awer nämmen op der Basis vu privaten Ubidder.

Eng vun deenen eenzege Saachen déi d'Gemeng am Beräich Ökologie opzeweisen huet, ass déi nei Brennstoff Zell Heizung, e Pilotprojet, deen an der Eilerenger Schoul vun der Hamburger Firma Baxi-Innotech getest gëtt.

Dofir muss d'Gemeng dann och nach 85.000 Euro bezuelen. Esou Projeten ginn a Wierklechkeet jo awer vum Ubidder bezuelt, an nüt vun der Gemeng. Do huet de Schäfferot sech iwwer den Dësch zeien gelooss.

Fir eng Roud-Gréng Majoritéit, déi dach soss vun all Geleeënheet profitéiert, sech den ökologeschen Deckmäntelchen émzeleeën, stellt dée Minimum just en Zeechen vun Aarmut duer.

D'lescht Joer stoungen 70.000 Euro (Säit 147 Artikel 2123/012) fir d'Erneierung vum Bieleser Veräinshaus am Budget. Am Rectifié 2011 stinn der just 6.900 an elo fir 2012 huet sech alles op Null opgeléist.

Fir de Bau vun engem "Hall multisport" zu Suessem: 550.000 Euro am Budget 2011, 50.000 am Rectifié an alt erëm 600.000 Euro am Budget 2012. (Säit 152 Art. 2123/016).

Den Total (7) vu "Logement, Aménagement du Territoire an Environnement" sprécht Bänn:

2010 goufen insgesamt 2.874.060,35 Euro dem Kont gudd geschriwwen. Am Budget 2011 worn 16.789.638,20 Euro hei ageschriwwen ginn. De Rectifié 2011 huet e Chiffer vun 7.221.094,83 Euro ausgewisen an am Budget 2012 stinn elo neierdéngs erëm 15.115.348,50 Euro.

Et ass bal nüt ze gleewen, dass e Schäfferot déi nächst Generationen finanziell esou belaaschte kann. E Mensch deen des Chiffere liest, esouquer een vun der Majoritéit, kann dach onméiglech domatter d'Accord sinn.

De Budget misst onbedingt iwwerschafft ginn, well de Schäfferot ewéi esou oft schonn seng Hausaufgaben nüt vollstänneg gemeet huet. Dat läit sécherlech nüt um Personal, mäi um Chef vun der Gemeng an dat ass nun emol de Buergermeeschter.

Mär als DP haten an eisem Walprogramm op Mësstänn am CIPA higewisen, wou d'Personal vun der Direktioun ouni Grond schikanéiert ginn ass. Dofir och déi stänneg Abgäng an Neiastellungen.

Deemoools ass eis Interventioun esou duergestallt ginn, ass mär als Demokratesch Partei d'Personal vum CIPA a Miss Kredit bréngt wëllten, wat awer absolut net de Fall ass.

Mär haten leedeglech déi Art a Weis kritiséiert, wei an der Chefetage mat hinnen émgaangen ginn ass. Do herrscht nämlech keng Harmonie, an dofir och deen stännegen "va et vient" vun onzefriddenden Matarbechter.

Et däerf een nüt vergiessen, ech widderhuele mech, dass d'Gemeng staatlechersäits vill Faveueren kritt, wëll se sech jo bereet erkläret huet, d'Maison d'Arrêt op hirem Territoire bauen ze loossen.

E positive Solde wäert jo Ênn 2012 och erëm eraussprangen, wëll jo ewéi èmmer eng ganz Rei Saachen net wäerten realiséiert ginn.

Wei gewéinlech feelt et un enger detailléierter Planung, keen Duerchbléck och am Pluriannuel, keng Ahnung ewéi et weider geet, awer trotzdem Louweshymnen op de Budget 2012. Dat sinn alles Saachen, déi an eisen Aen nämme schwéier no ze vollzéien sinn.

Mär als DP stëmmen de Budget dofir och nüt mat.

Patricia SPECK-BRAUN

LSAP STELLUNGNAHME ZUM BUDGET 2012

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Här Scheffen,

Am Numm vun der sozialistescher Fraktioun wéilt ech och fir d'alleréicht meng Felicitatiounen zum Ausdrock bréngen an deene Merci soen déi un dësem Budget mat geschafft hunn.

Als fréiere Scheffen a Präsident vun der Finanzkommissioun wees ech, dass et net alleng domadder duer geet fir de Budget hei ze präsentéieren, eng Präsentatioun iwwregens, déi de leschte Méinden excellent war, esouwuel vun eisem Buergermeeschter Georges Engel, wéi och vun der 1. Scheffin Myriam Cecchetti, mä déi eigentlech Aarbecht doranner läit, während deem ganze Joer, a besonneg während deene leschte Wochen, fir all dës Données'en zesummen ze sichen, z'évaluéieren an op de Pabeier ze bréngen.

Dëst gëllt esouwuel fir d'Politiker, wéi och fir d'Beamten aus deenen eenzelne Servicer vun eiser Gemeng, an notamment déi aus der Comptabilitéit an déi aus dem Gemengesekretariat.

Do wéilt ech speziell de Luc Theisen mat séngem Adjoint Guy Ewen ernimmen, déi sech net nemmen all Joers intensiv mat eisem Budget befaassen, mä déi och aktiv un der Ênwecklung vum Gemenge PQF, dem "Plan

quinquennal financier", op nationalem Niveau mat geschafft hunn, deen an absehbarer Zäit fir all Gemenge wärt zuer Pflicht ginn.

De PQF, en "Outil de travail", deen onerlässlech ass, wann een e Budget wëll opstellen, deen zukunftsorientéiert soll sinn a wou een d'Ausmoossen an d'Auswierunge vun den Decisiounen a Realisatiounen vun haut, esouwuel am Ordinären wéi och am Extraordinären, och fir déi näichst Joere kann aschätzen.

Dass dëst, op Grond vun der schwéier anzeschätzender demographescher a virun allem ökonomescher Entwicklung vun eisem Land, an Europa a weltwäit net esou einfach ass, daat si mer als wuel bewosst.

Kukkt een allerdéngs zeréck, an et vergläicht een den "Initial" mam "Rectifié", an daat net nämmen fir 2011, mä fir déi ganz lescht Legislaturperiod énner dëser rout / gringer Majoritéit, da gesait een, dass de Schefferot mat sénge Prävisione ganz gutt luch, ouni den Usproch ze erhiewen, dass hien hellseheresch Fähegeeten gehat hätt, resp. hätt.

Lauschteren ech allerdings verschiddenen Oppositouns-Spriecher a -Spricherinnen heibannen no, da fällt mer eng Paralell zum Mythos vum Kassandra an, der Duechter vum trojanische Kinnék Priamos, déi hiren Don vun der Hellseherei, vum Gott Appolon, am Ufank wéinst hirer Schéinheet, geschénkt krut (op daat och fir eenzelner aus dem Schefferot de Fall gewiescht wir, loossen ech emol am Raum stoën) an duerno, well si seng Léift net wollt erwidderen (hmmmm ...), esou verflucht gouf, dass all hir korrekt Prophezeihungen ignoréiert sollte ginn.

Ech wëll viraus schécken, dass mär als stäerkste Fraktioun hei am Gemengerot, mat 7 vu 15 Gewielten, dovunner der dräi am Schefferot, dës "Budget's Prophezeihungen" net wärtign ignoréieren, mä bien au contraire, wärte mat stëmmen. Eise Schefferot warnt eis jo och net virum Ênnergang vun der Gemeng Suessem - an daat scho guer net, fir kuerz bei der Mythologie ze bleiwen, duerch d'Griechen - mat hirem Trojanische Päerd.

Ech wärt a ménger Stellungnahm net op déi eenzel Zuelen méi agoën, daat ass a wärt, mengen ech, genuch gemaach ginn, mä ech ginn een allgemengen, a wéi der scho gemierkt hutt, éischter e philosophen an ideologesche Commentaire iwwer dee Budget hei of, deen dëst Joer, wann och an der Kontinuitéit, eng Legislaturperiod ofschléisst an eng nei alaut.

Esou kann een dann och en äusserst positive Bilan vun deene leschte 6 Joer zéihen, dee gréissten Deels, kukkt een sech net zulescht d'Walresultat mat engem Plus vun 2 Mandater unn, der LSAP zougeschriwwen gouf.

Kukkt een sech d'Zukunft unn, da fënd een an dësem Budget déi haapt Elementer vun der Schefferots-erklärung érem, déi mär, an daat wollt ech bei dëser Gelegenheet och énnersträichen, voll a ganz mat wärten droën. Daat dierft och kee wonneren, well hei dra praktesch der LSAP hire ganze Walprogramm enthalen ass, mat enger ganzer Parti Elementer vun eisem Koalitiounspartner, déi mär grad esou mat énnerstëtzten.

E Budget kann "indicatif" an "impératif" sinn. Dës Majoritéit huet et an hirer Amstperiod fäerdeg bruecht, nodeems "béis Zonge" virdrun emol behaapt haten, e Budget wir net méi wert, wéi de Pabeier wou e géif drop stoen, dës zwou Komponente madeneen ze verbannen.

"Indicatif", andeems dass wäitsiichteg eng Estimatioun an eng Analyse an d'Zukunft gemaach gouf an déi politesch Richtlinnen dra festgehale sinn, an «Impératif» andeems dass d'Chiffere realistesch agesaat goufen, esou dass d'Depens'en op där enger Säit prinzipiell net iwwerschratt ginn an op där anerer Säit (haaptsächlech am Extraordinären) prinzipiell dann awer och ausgi ginn.

Dofir ass "De Budget och net de Coffre-fort ...", wéi den Honoré de Balzac, 1838 a séngem Buch "Les employés" schreift. Ech ziféieren:

"La mission d'un ministère des Finances est de jeter l'argent par les fenêtres, il lui rentre par ses caves! ... En effet, le budget de l'Etat n'est pas un coffre-fort, mais un arrosoir; plus il puise et répand d'eau, plus un pays prospère."

Ech wöll heimadder sécher net soen, dass mär d'Suen zuer Fénster géifen an/oder sollen eraus geheien, mä ech wöll heimadder dorop hiweisen, dass mär esouwuel am Bilan vun 2011, wéi och am Budget vun 2012, a forcément doriwwer eraus, bestëmmt, an nawell mat der gebuedener Virsicht, esouvill Suë wéi nach ni an der Geschicht vun der Gemeng Suessem ausginn, oder besser gesot investéieren - wou déi gréissten Hausse, nieft den Investissementer an d'Schoul, an d'Liewens - qualitéit an an daat sozio-kulturellt Êmfeld, vierwiegend am sozialen a sozio-edukative Beräich ze fannen ass.

Obwuel ech wees, dassen d'Beem net wärten an den Himmel wuessen, mär eis an enger prákärer Situatioun befannen a Reforme sécherlech net auszeschéisse sinn, esou wöll ech mat méngem Zitat nawell och zum

Ausdrock bréngen, dass een és mitt ass, andauerend zu iwwerdriwwene Spuermoossnahmen higehalen ze ginn, déi am Endeffekt, énnert dem Deckmantel vun der Kompetitivitéit - en Terme deen engem zum Hals eraus hänkt - déi treffen, déi souwiesou schonn net vill hunn.

Den Terme Budget soll aus dem aale Franséische kommen an zwar vu "bouquette", enger klenger Bourse, déi d'Leit deemools un der Ceinture hänken haten a woutran d'Ménze waren, déi se viraussichtlech den Dag iwwer gebraucht hunn.

Wa mer haut an eis "bouquette", eise "Porte-monnaie" kukken, oder besser gesot eise "Portefeuilles", well d'Ménz kënne mer vergiessen, da gesäit een, wéi wéineg mer fir déi wéineg Schäiner, déi do dra sinn, nach kréien, an ech hunn als neie Präsident vum Office social ganz séier musse feststellen, dass nieft deene Leit déi keen Akkommen hunn, d'Unzuel vun deenen, déi ganz normal schaffe ginn an nawell eis Hëlfel beantspruchen, an der leschter Zäit substantiel an d'Luut gaangen ass.

Dëse Budget, als Weeweiser vun enger fortschrëttlecher, sozialer a ökologescher Politik, esou wéi se am Scheffrotsprogramm vun dëser LSAP / Déi Gréng Majoritéit virgesinn ass, probéiert esouwält wéi daat op Gemengem Niveau iwwerhaapt méiglech ass, dëse weideren Unzeeche vun enger Veraarmung vun eisen Awunner entgéint ze wierken, an zwar, duerch gezielten Investissementer an duerch eng solidaresch a sozial gerecht Êmverdeelung, esouwuel vun de Recetten, wéi och vun den Depensen an dobäi all eise Bierger weider eng Gemeng unzebidde wou et sech gutt dra liewe léist.

Et wir scho vläicht gutt, wann een als Gemengerot iwwer eenzel Prioritéiten, Kompensatiounen an Alternative vun der Oppositioun (zu Taxen, resp. zu Taxen-Erhéligungen z.B.) hätt kënnen diskutéieren ... jo verhandelen, fir dass am Endeffekt d'Oppositioun net dee ganze Budget géif / misst oflehn.

Mä aus Erfahrung, 8 Joer Oppositioun an 8 Joer Majoritéit, wees ech jo, dass daat weder hei an der Gemeng, nach soss entzwësch usus ass.

Ech wir nawell, a speziell fir dëse Budget, gespaant gewiecht, wat fir eng, nieft deene bal schonn üblechen an negative Kritiken, gutt a konstruktiv an awer och realistesch Iddien a Virschléi op den Dësch komm wiren, déi een als Majoritéit hätt kënnen iwwerhuelen an am Géigenzuch awer och aner Punkten hätt kënnen / müssen ewesch loessen - Well et kann ee bekanntlech jo net alles hunn, a scho guer net wann een de Gros

och nach well fir näicht ubidden. Do geet et dann och net duer fir d'Gewerbesteier (mat alle Konsequenze fir déi méi klenge Betriber an hir Ugestallten) an d'Luut ze setzen.

Esou eng Analyse vum Budget ass, oder besser gesot, wier fir d'Opposition sècherlech net einfach gewiecht. Et war bestëmmt awer grad esou schwéier, fir genuch a virun allem genuch valabel a real gemegepolitesch bezunnen Argumenter ze fannen, déi ech och grësstendeels hei vermëssen, fir dëse Budget am globalen net ze stëmmen.

Dofir sinn ech vrou, dass mär als LSAP dëse Budget net némmen an eisem, wéi uewen ugedeit, übleche Rôle als Majoritéit mussen, mä aus Iwwerzeegung och kënne mat stëmmen.

Ech soën iech Merci fir d'Nolauchteren,

Jos PISCITELLI

DER SCHÖFFENRAT NIMMT STELLUNG

Nach einer kurzen Unterbrechung bezog der Schöffenrat Stellung zu einzelnen zuvor von den Oppositionsparteien aufgeworfenen Fragen und Bürgermeister Georges Engel (LSAP) gab also Aufklärungen zu einigen wichtig erscheinenden Einzelheiten. Er wolle jedoch nicht auf alle Details eingehen, denn die meisten Antworten stehen in den Budgetreden des Schöffenrates vom vergangenen Montag.

Die Aussage der CSV von einem neuen Darlehen in Höhe von 7,5 Mio. Euro sei verfälscht, er habe klar in seiner Rede der letzten Sitzung erwähnt, dass es sich um einen neuen Kredit von 5,5 Mio. handelt, denn 2 Mio. des nichtverwendeten Darlehens werden von 2011 auf das kommende Jahr übertragen.

Wieder vor allem an die CSV-Fraktion gerichtet, verdeutlichte der Bürgermeister, dass die Kritikausübung wegen der FEDER-Gelder zugunsten des Projektes in der rue des Alliés in Beles nicht gerechtfertigt sei, denn dies sei ein Projekt, das jahrelang in den Schublädern der CSV-Mehrheit lag, die Gelder dafür bereit standen und dennoch nichts unternommen worden war. Als die rot-grüne Mehrheit dann an die Macht kam, hatte der Schöffenrat nur noch einen Zeitraum von 6 Monaten um

die europäischen FEDER-Gelder einzunehmen. Man könne also nicht verlangen innerhalb so kürzester Zeit solch ein umfangreiches Projekt auf die Beine zu stellen, wenn man selber als Mehrheit jahrelang nichts in diesem Dossier vorgenommen hatte. Ebenso zeigte der Bürgermeister der CSV-Opposition auf, dass man die Asylanten nicht in dem besagten Haus einquartiert habe, sondern die Ministerin Marie-Josée Jacobs, die bekanntermaßen eine CSV-Politikerin sei.

Die Behauptung der ordentlichen Ausgaben (*dépenses ordinaires*) von 56 Mio. Euro stellte der Bürgermeister Georges Engel (LSAP) ebenfalls noch einmal klar. Es handele sich hierbei wieder um eine Übertragung von Summen von 2010 auf 2011. 46 Mio. Euro standen im initialen Budget 2010, 39 Mio. wurden ausgegeben, der Rest auf 2011 dann verschoben.

Ebenfalls berichtigte er die Aussage, dass durch eine Erhöhung des "impôt commercial" automatisch mehr Geld in der Gemeindekasse fliesset, denn die Betriebe, die sich dann in einer "billigeren" Gemeinde niedersetzen oder gar Sanem verlassen, die Einnahmen dann entfallen.

Es stimme aber, dass die "*dépenses ordinaires*" außergewöhnlich steigen im Jahr 2012, dies resultiere allerdings aus vertretbaren Gründen, wie die Übernahme des Personals der Zolwer Kannerbuerg und die Eröffnung des größeren CIPA auf Belval. Man dürfe aber auch nicht außer Acht lassen, dass dadurch dann ebenfalls zusätzliche Einnahmequellen entstehen.

Bürgermeister Georges Engel (LSAP) betonte abschließend nochmals, dass es sich hierbei um ein gut durchdachtes Budget-Dokument handele, das sozial, verantwortungsvoll und zukunftsorientiert sei.

Zum Abschluss kamen die beiden Budget-Punkte zur Abstimmung und wurden mit den 9 Mehrheitsstimmen gegenüber den 4 Nein-Stimmen der Opposition verabschiedet.

CSV-STELLUNGNAHM ZUM PUNKT 7: CRÉATION ET ADAPTATIONS DE DIVERSES TAXES RELATIVES AU CIPA À SOLEUVRE

Et muss e begréissen dass den Direkter vum CIPA eis dee Punkt an d'Finanzkommissioun virstelle komm ass. Well ouni déi Erklärungen déi mär do kritt hunn, hätte mär verschidde Schrëtt net kënnen novollzéien.

Mär bedaueren awer nach èmmer dass déi Erklärungen net och dem Gemengerot direkt am Dossier zur Verfügung stinn.

Et ass net déi 1. Kéier dass mär dorop opmierksam maachen dass den Dossier zu deene Punkten net komplett ass an dass mär do Verbesserunge gefrot hunn. Wéi kënne mär eis dreemen dass déi Erhéijung vun 2.5 % den Index sinn? Dat hätt jo och këinne puren Zoufall sinn. Do misst den Direkter oder de Schäfferot eng kleng Erklärung dobäischreiwen. Z.B. Suite à la décision du conseil communal du ... D'Selwecht bei deen aneren Taxen. Do kéint och op d'Reglement iwver den Accueil géronologique verwise ginn, op mannst fir d'Erklärung vun der Héicht vum Betrag. Bei de "Frais de gestion de dossier et rénovation studio" begréisse mär dass deen Onkäschtebäitrag bei der Admissioun an net der Sortie vum Pensionnär geschitt. Et ass och luewenswäert dass vill Uarbechten intern solle gemat ginn, mä dat hätt och kënnen als Justificatioun do stoen.

D'Taxe selwer sinn all vertriebar, och gesetzlech an der Reih, mä mär enthalen eis awer erém. An dat esou laang wéi eisen Dossier bei dëse Punkten eis et net erlaabt "en tout état de cause" am viraus, och ouni Finankommissioun, ze jugéieren.

CSV-STELLUNGNAHM ZUM PUNKT 8: AJUSTEMENT DES TAXES COMMUNALES RELATIVES À LA PARTICIPATION FINANCIÈRE AUX COLONIES SCOLAIRES (FIESCH)

D'CSV huet gläich 2 Problemer mat dësem Ajustement.

En 1. Problem betrëfft de Budget-Posten vun der Participation vun den Elteren an de RO vum Budget 2012. Egal wéi de Vote ausgeet, an de Recettes Ordinaires

(S.17) ass weder die al, nach déi nei Tax iwwerholl, mä eng, wéi et schéngt, aus dem Joer 2002 (nämlech 50 € fir Summer a Wanter). De Chiffer dee verrechent ginn ass bei den Dépenses Ordinaires entsprécht och net deenen neien oder aale Präisser, wann een déi Lësch vum "Coût par élève" kuckt, déi mär hei am Dossier hunn an dann dovun d'Participatioun vun den Elteren ofrechnen.

Mär hunn awer nach méi e grousse Problem mat dem sozialen Aspekt vun dëser Erhéijung. Hei erhéije mär op ee Coup d'Taxe fir d'Summerkolonie èm méi wéi 100 % an déi fir d'Wanterkolonie souguer èm 157 %. Mär wëssen, an d'Zuelen aus dem Office Social beweisen dat ganz däitlech, dass mär èmmer méi sozialschwach Familien an eiser Gemeng hunn. Et sinn elo scho Familien, fir déi die 35 € eng ze grouss Belaaschtung woar an déi d'Kanner dann doheem gehalen hunn. Besonnesch am Wanter kënnt jo dann och nach eng Ausgab fir déi richteg Kleedung derbäi, wat da fir eng Rei vu Famille finanziell net ze droe woar. An elo gët et fir vill nach méi onméiglech.

Wa mär esou Vakanzekolonien ubidden, dann ass et schon nach éischter fir déi Kanner geduet, déi vun doheem aus net an esou eng Vakanz këinne goen. Dofir musse mär onbedingt sozial bleiwen an net elo, a grad an dësen Zäiten, dës Participatioun massiv erhéijen.

Dofir wärte mär dës Erhéijungen net matstëmmen.

CSV-STELLUNGNAHM ZUM PUNKT 12: APPROBATION D'UNE CONVENTION ARRÊTANT LES MODALITÉS DE COLLABORATION ENTRE LA COMMUNE DE SANEM ET L'ASBL "MAISON DE LA LAÏCITÉ"

Dës Konventioun wërft fir eis eng ganz Reih Froen op. Mär wëllen elo net dorop agoen dass de President vun där asbl och gläichzäiteg de Buergermeeschter vun eiser Gemeng ass an dass d'Fra vun engem Gemengerot och Member an där asbl ass.

Hei krift eng asbl vun der Gemeng 15 000 € fir hier Missioune kënnen z'erfëllen, d.h. déi Missiounen déi déi asbl sech selwer am Artikel 2 vu senge Statute gëtt. Dës asbl huet säi Sëtz jo hei an der Gemeng. Firwat gëtt dës asbl net wéi een anere Veräin och behandelt?

Mär verstinn net firwat dës asbl net einfach als Veräin unerkannt gëtt an een normale Subsid kritt esou wéi eis aner Gemengeveräiner och.

Mär hu jo och asbl'en hei an der Gemeng déi national agéieren, mär denken do un d'Dyspasie.lu.

Mär können eis virstellen dass vill aner Veräiner frôw wäre wa se esou einfach 15 000 € kréichten amplaz een normale Subsid.

De Punkt 4 vun der Konventioun ass fir ee Bausse-stehende ganz suspekt. Do steet d'asbl kréicht eng "subvention annuelle financière". Déi Zomm gëtt dann all Joer nei fixéiert, dat kéint jo dann och heeschen dass se all Joer eropgeet. Da steet wuertwiertlech do: "La participation communale contribue à financer les activités de l'asbl telles que reprises dans le budget en annexe. L'asbl s'engage à utiliser ces fonds dans le seul but défini par la présente convention." Wann et èm de "lancement d'une maison de la laïcité" geet, da sollen déi Suen och exklusiv dofier benotzt ginn an net fir allméiglech Artikelen déi an hierem Budget virgesi sinn.

Hu mär dat richteg verstanen dass d'Gemeng zousätz-lech zu de 15 000 € der asbl och nach Gebailechkeeten zur Verfügung wëll stellen (Art. 5 Soutien logistique)? Hei erëm d'Fro firwat déi pauschal Zomm vu 15 000 € an net wéi z.B. bei der Boulefederatioun oder engem anere Veräin d'Ennerbrengung zur Verfügung stellen oder verschidde Käschten iwwerhueulen nodeems d'Gemeng d'Ofrechnunge kritt huet.

An der Regierungserklärung vun 2009 huet d'Regierung sech bereet erkläert d'Schafe vun engem "réseau national de Maisons de la laïcité" z'ënnerstëtzten. An deem Kader géif d'Regierung och 75 % vun den Infrastrukturkäschte vu regionalen Zentren iwwerhueulen. An d'Associatiounen déi dës Haiser verwalten sollen ee jährleche Forfait fir hier Funktionnementskäschten aus dem Statsbudget kréien.

Dës Tatsaach ass an der Konventioun selwer nach guer net berücksichtegt ginn. Och am Budget steet do nach keen anere Betrag wéi dee vun eiser Gemeng do. Et geet eis näischt un ob déi asbl scho mat der Regierung Kontakt opgeholl huet, mä et muss een sech awer d'Fro stelle firwat eis Gemeng déi asbl elo finanziell énnertëtz. Zéien aner Gemengen no? Wéi gedenkt déi asbl sech ze finanzéieren?

Dat do gesäit e bëssen no Self-Service aus. Esou kéint jo all nei asbl bei d'Gemeng uklappe kommen a Sue froe fir aus de Startflächer ze kommen.

Mär droen hei de Lancement an eng Philosophie vun engem Veräin mat ouni iwwerhaapt ze wëssen ob déi am Sënn vun eiser Gemeng schafft. Well weder an de Statuten, nach an der Konventioun steet dass d'asbl sech engagéiert d'Maison de la laïcité hei an der Gemeng op d'Been ze stellen. Esou wéi bei der Kannerbuerg asbl beispillsweis huet d'Gemeng d'Gebailechkeeten zur Verfügung gestallt. An dat wär, eiser Meenung, och hei dee richtige Wee. D'Gemeng soll fir d'Infrastrukture suergen an d'Onkäschten bis zu engem Deel decken an dann ev. d'asbl als Gestionnär asetzen.

Mär sinn net prinzipiell géint eng Maison de la laïcité, och wa vill Leit der CSV dat wëlle virwerfen, mä hei bleiwen einfach zevill Froen an eisem Dossier an an eise Käpp onbeäntwert a mär kunnen déi Pauschal vu 15 000 € net novollzéien.

Also JO zum Prinzip, awer net énnert dëse Konditiounen. Dofier stëmme mär bei désem Punkt dogéint.



Commune de Sanem